LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Service information et presse

*Embargo : 23.06.2023 à 10 h 20*
*Seul le discours prononcé fait foi*

# Fête nationale 2023

## Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg

## Discours du président de la Chambre des députés, Fernand Etgen

Monseigneur, Här Staatsminister, léif Éieregäscht, léif Matbiergerinnen a Matbierger.

Haut, op eisem Nationalfeierdag, sinn et op den Dag genee 175 Joer, datt déi deemoleg Representantë vum Vollek eng Verfassung ugeholl hunn, déi als den éischte Grondstee vun eisen demokrateschen Institutioune kann ugesi ginn.

… Matsproocherecht, … Fräiheet a sozial Gerechtegkeet …:

Dat waren 1848 d’Haaptfuerderunge vum Vollek.

1848 … deemools war Lëtzebuerg e jonkt Land mat ongewësser Zukunft, matzen an der industrieller Revolutioun. Et war eng Zäit vun Ëmbroch an Onsécherheet. Deemools sinn d’Lëtzebuerger zesummegeréckelt, fir dat ze meeschteren.

2023 … ass Lëtzebuerg eng stabil, pluralistesch an oppen Demokratie, agebett a villen europäeschen an internationalen Institutiounen. An awer gëtt et – och haut – vill Grënn, fir nees zesummenzeréckelen. An dat maache mir och.

Mat Stolz kucke mir haut zeréck op d’Entsteeungsgeschicht vun eisem Land an eiser ganz eegener Lëtzebuerger Identitéit. Eng Identitéit an Traditiounen, déi och fest an eiser pluralistescher a moderniséierter Constitutioun verankert sinn, déi d’nächst Woch a Kraaft trëtt an déi eng vun deenen demokrateschsten an der Welt ass. Si ass den Ausdrock vun eiser Stabilitéit.

Mee … wéi fréier … liewe mer an enger Zäit vun Ëmbroch an Onsécherheet.

Och haut réckele mir nees zesummen!

Zemools wann et kompliziéiert gëtt, ass eis Konsenskultur eisen éischte Reflex – an eis Stäerkt!

– Esou wéi déi vill Tripartitten an de leschte Méint a Joren dat weisen,
– esou wéi mir dat och wärend der Pandemie bewisen hunn,
– an esou wéi mir elo eng determinéiert Solidaritéit weisen, mat der Ukrain.

An esou hautnoe Krise wéi an de leschte Joren …, esou no a gläichzäiteg esou global, do gëtt et eppes … … … wou ech stolz drop sinn: dass hei am Land nees eng Kéier dat nämmlecht passéiert ewéi fréier:

Mir ruffen no méi Fräiheet, … no méi Rechter a Gerechtegkeet, – do wou op anere Plazen an der Welt oft méi Repressioun a méi Oppressioun als Äntwert kënnt.

Mir wëssen … hei am Land …, dass mer net just eng Kris no där anerer oder lauter Krise matenee bekämpfe mussen. Ganz am Géigendeel. Mir kucken iwwert d’Krisen eraus. Si sinn net „oniwwerwannbar“.

Mir maachen den Ënnerscheed tëschent deem, wat Krisen …, an deem, wat Transitioune sinn. Aus Krise kann ee léieren. An Transitioune kann ee matgestalten.

Mir denken dowéinst haut anescht iwwert eis Ëmwelt … an d’Plaz vum Mënsch doran.

Mir hunn dowéinst keng Angscht virun technologeschen, digitalen an industrielle Verännerungen …, grad, well mir eis och do d’Fro vun der Plaz vum Mënsch stellen …
D’Plaz vum Mënsch …, dat ass och d’Zukunft vu Lëtzebuerg.

Krisen an Transitioune werfen ëmmer d’Fro op, wat ee muss erhalen a wat ee muss änneren. Zu Lëtzebuerg wësse mer ganz genee, wat mer mussen erhalen: eis Wäerter an Traditiounen, eise sozialen a wirtschaftleche Modell, eise Pluralismus. Mir wëssen och, wat mir mussen änneren, fir dass mir dat erhale kënnen, wat eis wichteg ass …:

- Mir mussen deene Jonke méi nolauschteren, d’Ëmwelt méi respektéieren;
- iwwerall ... a mat Leit aus ganz Europa an der ganzer Welt, zesummeschaffen, nei Iddien ëmsetzen, fir ni an de Stëllstand ze kommen,
- …an ëmmer erëm zesummeréckelen, wann et drop ukënnt.

Mir wëlle bleiwen, wat mir sinn, …
…. a fir dat ze bleiwen, wat mir sinn, …
… hu mir keng Angscht eis ëmmer rëm nei ze erfannen.

Dofir kënne mir mat Gewëssheet an Zouversiicht an d’Zukunft kucken. Mir verteidegen dat alles mat Häerz a Séil:

„Dat ass onst Land, fir dat mir géif

Heinidden alles won“,
- esou steet et an eiser Nationalhymn.

Zënter 100 Joer, ass och d’Gëlle Fra e Symbol dofir …,
… fir ni d’Affer ze vergiessen, déi fir eis Fräiheet bruecht goufen.

A wéinst där Gëlle Fra versti mir, wéi e Sacrifice dat ukrainescht Vollek de Moment mécht.

Altesses Royales, Dir Dammen an Dir Hären,

Mir réckelen hei am Land zesummen, wann et drop ukënnt, a mir wuessen doduerch – ouni awer eis Differenzen, an och eis Meenungsverschiddenheeten ze ënnerdrécken. Si maachen eis, eebe grad, zesumme méi staark.

Ech wënschen eis alleguer, datt déi Fräiheetssonn, iwwert déi mir zu Lëtzebuerg an an der Europäescher Unioun d’Hand halen, nach laang virublénkt … an och geschwënn an der Ukrain erëm opgeet!

Vive d’Fräiheet, d’Gerechtegkeet an d’Demokratie, vive de Grand-Duc an eis groussherzoglech Famill, vive Lëtzebuerg … a vive Europa.